N°305
Entrée le 11.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 305 vum 7. Februar 2024 vum honorabelen Deputéierten Här André Bauler.**

*Wat sinn déi geleefegst Grënn, déi dozou féieren, datt een Dokter oder eng Doktesch hir Zouloossung verléieren?*

Wann en Dokter oder eng Doktesch hir Zouloossung verléieren, ass dat, laut dem ofgeännerte Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwer den Exercice vun den Dokteren, Zänndokteren a Veterinairen, op eng disziplinaresch oder eng strofrechtlech Sanktioun zeréckzeféieren.

- *Wéi vill Dokteren an Doktesche kruten an de leschten zéng Joer hir Zouloossung ewechgeholl?*

Säit dem Joer 2014, sinn 10 Suspensiounen a 4 Retrait'en vun Zouloossunge vum Gesondheetsministère gesprach ginn.

- *A wat fir enge Spezialitéite war dat de Fall?*

D'Suspensiounen déi säit 2014 gesprach gi sinn, concernéieren zwee Médecins généralistes, een ORL, zwee Veterinair'en, zwee Zänndokter, wouvun géint een och spéiderhin e Retrait vun senger Zouloossung gesprach ginn ass, een Urolog an zwee Gynekologen.

D'Retrait'en déi säit 2014 gesprach gi sinn, concernéieren een Médecin-généraliste, een Gynekolog, een Psychiater an een Zänndokter.

- *Wéi ginn d'Doktere gepréift, déi ausserhalb vun der EU kommen an déi hiren Diplom och net an der EU kruten, iert se eng Zouloossung hei am Land kréien? Aus wat fir enge Grënn goufen der ënnert dësen net zum Déngscht zougelooss?*

Déi Dokteren déi ausserhalb vun der EU kommen an déi hiren Diplom och net an der EU kruten, musse, laut dem ofgeännerten an uewen zitéierte Gesetz vum 29. Abrëll 1983, en Diplom an der medezinescher Grondausbildung souwéi en Diplom an enger medezinescher Spezialisatioun virweisen, déi op Basis vum ofgeännerte Gesetz vum 28. Oktober 2016 iwwer d'Unerkennung vu beruffleche Qualifikatiounen unerkannt gi sinn. An deem Kader, an op Basis vum Artikel 23 (8) vum ofgeännerte Gesetz vum 28. Oktober 2016, muss den interesséierten Dokter kënnen eng Unerkennung vu sengen Diplomer op Basis vun de Mindestkrittären vun der EU duerch en anere Memberstaat virweisen an och de Beweis erbréngen dat dës Unerkennung him eng Zouloossung an deem Memberstaat vun der EU erméiglecht. Wann e Kandidat net zum Déngscht zougelooss ginn ass, ass et well déi genannte gesetzlech Conditiounen net erfëllt waren.

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez